

# MAG

GEMENG
JONGLËNSTER

Juli/August 2021

## GEMENG JONGLËNSTER

Infoline
Tél.: 78 72 72-1

Heures d'ouverture
lundi à vendredi de 08h00-12h00
et de 13h00-16h30,
jeudi jusqu'à 19h00
(sauf la veille d'un jour férié)
seulement bureau de la population

Adresse
12, Rue de Bourglinster
L-6112 Junglinster
Adresse postale
B.P. 14
L-6101 Junglinster

## Impressum

Editeur: Gemeng Jonglënster
Imprimerie: Schomer-Turpel
Tirage: 3300 exemplaires
www.junglinster.lu

GEMENG
JONGLËNSTER

# Juli/August 2021

| | |
|---|---|
| Mercredi 7 | |
| **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** | |
| Mardi 13 | |
| **Stëllgrupp 09:00 - 11:00** | |
| Mercredi 14 | |
| **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** | |

| | |
|---|---|
| Jeudi 15 | |
| **Bicherbus 15:15 - 16:05** | |
| Mercredi 21 | |
| **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** | |
| Mercredi 28 | |
| **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** | |

**Les manifestations ci-dessus et annoncées sur les 2 pages suivantes sont dépendantes des décisions ministérielles relatives au Covid-19.**

**Éierung vu laangjärege Membere vum Senioreclub vu Jonglënster**



## Bicherverkaf zu Eschweiler

**07/07** **17:00 - 19:00**



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

## Stëllgrupp

**13/07** **09:00 - 11:00**



Centre cultruel 'am Duerf'

Informatiounen an Austausch rondrem d'Stëllen.
5€ fir Net-Memberen
Umeldung:
chantal.weis@lalecheleague.

Org: La Leche League

## Bicherverkaf zu Eschweiler

**14/07** **17:00 - 19:00**



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

## Bicherbus

**15/07** **15:15 - 16:05**



Lënster virum Centre culturel „am Duerf"

Org: Nationalbibliothéik, Bicherbus

## Bicherverkaf zu Eschweiler

**21/07** **17:00 - 19:00**



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

## Bicherverkaf zu Eschweiler

**28/07** **17:00 - 19:00**



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia



Le contenu des annonces de cette page n'est pas sous la responsabilité de l'Administration Communale de Junglinster, mais sous la seule responsabilité des auteurs respectifs.

## Bicherbus

**09/09** **15:15 - 16:05**



Lënster virum Centre Culturel 'am Duerf'

Org: Nationalbibliothéik, Bicherbus

## Grousse Bicherverkaf 1€ de kg

**18/09** **10:00 - 17:00**



Bicherbuttek zu Eschweiler am Haff

Bicherverkaf 1€ de kg

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

## Bicherbus

**30/09** **15:15 - 16:05**



Lënster virum Centre Culturel „am Duerf"

Org: Nationalbibliothéik, Bicherbus

Lënster Bibliothéik

*Centre culturel « am Duerf »*
*8, rue du village*
*L-6140 Junglinster*

*Öffnungszeiten / Heures d'ouverture:*

Dienstag / mardi: 16.00 – 18.00
Samstag / samedi: 10.00 – 12.00

Livres pour adultes et enfants en allemand, français, anglais, suédois, luxembourgeois

*Contact:*
Tél.: 78 99 08 mpancion@hotmail.com

## Office social du C E N T R E S T

10, rue de Wormeldange à L-6955 Rodenbourg
tél.: 770345-1 / fax: 770345-45

Consultations des assistants sociaux sur rendez-vous: tél. 770 345-1 à l'Office social du Centrest à Rodenbourg ou

à l'ancienne mairie de Junglinster, 2, route d'Echternach, Junglinster
Pour plus d'information, veuillez consulter notre site internet : www.centrest.lu

## Service de Médiation

Le Service de Médiation pourra aider à rétablir la communication entre des voisins qui se sentent dans une impasse par rapport à un différend et aider à trouver une solution à l'amiable qui donne satisfaction à tout le monde.

Die Dienststelle für Mediation kann dazu beitragen, dass Nachbarn welche einen Konflikt miteinander haben, sich gemeinsam an einen Tisch setzen und zusammen eine Lösung finden die jeden zufrieden stellt.

Friedliche Lösung von Konflikten
Résolution de conflits à l'amiable
Tél: 621 40 56 18 (répondeur pour prendre rv)
Courriel: mediation@junglinster.lu

SERVICE DE MEDIATION

 Le contenu des annonces de cette page n'est pas sous la responsabilité de l'Administration Communale de Junglinster, mais sous la seule responsabilité des auteurs respectifs. 

# Kënschtler an Artisten aus der Gemeng



De **Jean-Claude Salvi** war zu Esch am Jongelycée, op enger E-Sektioun, an hat schonn ëmmer ee Faibel fir Konscht. Hie war richteg faszinéiert vu sengen deemolege Proffe Guy Michels, Adolphe Deville a René Zambon. Op der Première huet sech dunn natierlech d'Fro gestallt: Kënschtler oder Konschtproff?

De Jean-Claude ass op d'Sorbonne Universitéit gaangen, an huet do eng Maîtrise en arts plastiques gemaach. Et war ee richtege Challenge fir ee jonke Mann vun Déifferdeng, deen op emol muss zu Paräis eens ginn (ganz besonnesch am Konschtmilieu ass dat net evident).

Hien huet Esch, Déifferdeng an de Melu kannt. Mee Paräis? Wéi huet de Jean-Claude senger Mamm geschriwwen: „Paris est trop grand pour un si petit Salvi". Mee hien huet net opginn. Lues a lues huet hien och di richteg Leit kennegeléiert (dorënner mol zum Beispill seng spéider Fra d'Hélène), an eng ganz Partie Notorietéiten, déi hie gepräägt hunn.

D'Molerei aus Lycéeszäite war brav géintiwwer deem wat et hei ze entdecke gouf, a besonnesch d'Bodyarts aus de 90er Joren hunn de Jean-Claude faszinéiert.

De Kierper als Support, de Kierper als Thema. De Michel Journiac, ee Bodyartkënschtler, hat him et ugedoen.

D'Konschtzeen zu Paräis ass speziell, a gläichzäiteg eng gutt Geleeënheet sech selwer kennenzeléieren. Am Lycée gouf Konscht enseignéiert. Op der Uni gouf se erkläert. De Jean-Claude war fir unzefänke mol Observateur, a net Créateur. Eng vun den Aufgabe war d'Approche sensorielle, et huet een sech missen eng

# Kënschtler an Artisten aus der Gemeng

Matière fir ee Joer eraussichen, an sech domadder auserneesetzen.

De Jean-Claude huet sech fir Styropor entscheet, mee seng éischt Konstruktioun, déi hien zu Déifferdeng mat Hëllef vu sengem Papp zesummegestallt huet, gouf op der Uni zerrappt. Richteg frustrant. Mee de Jean-Claude war zielstrebeg an huet sech net decouragéiere gelooss. Dat éischt Joer zu Paräis huet hien a schlechter Erënnerung, mee duerno gouf et wéi eng Drog.

### Konschtproff am Kolléisch

1991 war hie fäerdeg mat sengem Studium an huet mat 24 Joer am Kolléisch ugefaangen als Konschtproff. Dat si mëttlerweil 30 Joer hir. De Jean-Claude huet säi Choix ni bedauert, bis op dat lescht Joer, well do den Ëmstänn entspriechend just konnt Theorie enseignéiert ginn, mee weder Molerei, nach Skulpturen, nach Fotografie.



Zesumme mat zwee Kolleegen huet de Jean-Claude virun 21 Joer och d'E-Sektioun am Kolléisch opgebaut. Hien ass aktiv am Comité vum CAL (Cercle Artistique de Luxembourg), a versicht do Jonker eranzekréien. Mat senge Schüler huet hie vill kulturell Reese gemaach a Spuenien, Italien a Frankräich an huet do versicht, senge Schüler d'Kultur aus deene Länner ze vermëttelen.

Am Kolléisch huet hien och d'Szenographie an d'Liewe geruff a verschidden Optiounen opgebaut, notamment d'Fotografiesoptioun. Fréier gouf an der Dunkelkammer geschafft, haut ass nach just alles digital. Konscht ass ee vaste Sujet fir ze enseignéieren, an de Jean-Claude huet sech och ëmmer nees missen an nei Deelwelten eraschaffen, wéi zum Beispill d'Welt vum Design.

Selwer kann hien houfreg op ganz vill interessant a speziell Expositiounen a Projeten zeréck kucken. Do war säin Experiment mam Fleeschpech (deen an der Liewensmëttelindustrie verwent gëtt), wou hien an engem Moule vu senger Büste 11 kg Fleesch mat Fleeschpech zesummegeklieft huet, démouléiert huet an dëst als Büste ënnert enger vitréierter an déifgekillter Glaskëscht ausgestallt huet: Nom Motto ech si wat ech iessen.

Eng weider spannend Expo war déi iwwert d'Zäit, an hir Vergänglechkeet. Seng Serie iwwer Plagë gouf ganz mat Standfotoe gemaach: D'Kamera stoung op enger fixer Platz, just d'Leit sinn zirkuléiert an hunn Tracen hannerlooss.

Eng weider aussergewéinlech Ausstellung war déi, wou Mënschen, déi sech net kannt hunn, an deenen hire Numm eppes mat Léift ze dinn hat, zesumme Portrait gestanen hunn fir eng Foto: Tristan und Isolde, Romeo a Juliette etc., wou de Jean-Claude sech d'Nimm aus dem Telefonsbuch erausgekroopt an d'Leit fir dëse Projet kontaktéiert huet. Si hunn all gäre matgemaach.




Eng weider ganz aktuell Expo ass de Coronart, ee Faarfbaxter, wou Drëpsen iwwert en Objet lafen an deen am Laf vun der Zäit veränneren. Et kann een sech dës Expo nach bis de Juli am Kamellebuttek zu Esch ukucken, wou och nach aner renomméiert Kënschtler wéi de Pit Wagner an de Jean-Marie Biwer matmaachen.

Dës Aarbecht vum Jean-Claude symboliséiert hei d'Zäit, déi verleeft, a méi spezifesch an der Confinementszäit.

An dann säi leschte grousse Projet mam Thierry Lutz zesummen. Hei gouf sech op de Cadavre exquis vun de Surrealisten, notamment dem Jacques Prévert, vun 1925 baséiert: Ee Spill, bei deem d'Leit noeneen op ee Blat ee Wuert schreiwen, ouni ze gesi wat dee virdru geschriwwen huet, an da gëtt d'Blat zum Schluss auseneе gefaalt, an et liest een et als ganzen, zesummenhänkende Saz.

# Kënschtler an Artisten aus der Gemeng



# Kënschtler an Artisten aus der Gemeng

Deemools war als Saz erauskomm: „le cadavre exquis boira la vin nouveau“, deen dem Spill duerno de Numm ginn huet.

Den Thierry Lutz an de Jean-Claude Salvi hunn sech 150 Enveloppen hin an hir geschéckt, wou 28 däser Kadaveren entstane sinn. All Kadaver ass a véier bis sechs Etappen entstanen, wou deen ee Kënschtler dat nees iwwerlagert an ofgeännert huet, wat deen aneren him geschéckt hat (de Rôle vun der Korrespondenz gëtt hei och staark ervirgehuewen, als Contrepied zur communication éphémère a légère).

## Molen, ouni ze verletzen

Déi zwee hunn sech all Kéier, wann nees eng Enveloppe vum Kolleeg koum, Zäit missen huelen, sech drop aloossen, an dann seng eegen Iddien erabréngen. Et ass drëms gaangen, dran ze molen, ouni ze verletzen, deen aneren huet d'Äntwert missen acceptéieren, an da war et un deem sengem Tour, fir aus dem Bild nees eppes aus sengem Kapp eraus ze kreéieren.

Déi eenzel Etappe goufen all Kéier am Bild festgehalen, et sinn Trace vun hirem kënschtleresche Schaffen. Hir Produktiounen heeschen natierlech och cadavres. Dat Ganzt ass och als Buch erauskomm, an et kann een sech

doranner genee ukucken, wéi déi eenzel Etappen ausgesinn hunn.

All Buch ass anescht, an dréit eng perséinlech Touche vum Kënschtler. D'Biller goufen textualiséiert an zwar op Englesch vum Tom Hengen, an op franséisch vum Raoul



Trentin. Eng jonk Grafikerin huet de Layout gemaach. Et ass derwäert, sech et unzekucken.

Jean-Claude, an dengem Kapp spruddelt et just nëmmen esou vun Iddien a Projeten, a mir dierfen all gespaant op dat nächst Event waarden. Villmools Merci fir di vill flott Anekdoten, an ech ginn zum Schluss däi Message weider: Du wënschs dir weiderhi kenne kreativ ze schaffen, well fir dech Kreéieren e Synonym ass vu jonk bleiwen.

*Françoise Hetto-Gaasch*
*Kulturschäffen*

*Méi Konschtwierker vum Jean-Claude Salvi fannt Dir um Internetsite www.jeanclaudesalvi.lu*

*Dir fannt all d'Kënschtler an Artisten aus der Gemeng, déi bis elo am MAG virgestallt goufen, op eisem Internetsite:* *https://www.junglinster.lu/documents-et-media-categories/kenschtler-an-artisten-aus-der-gemeng/*

# Kënschtlerkollektiv K+A

## Ausstellung an Atelieren zu Buerglënster

**De Kënschtlerkollektiv K+A bréngt Liewen an d'Buerg ! Dir kënnt Iech net just d'Fotoausstellung « Entre Ombre et Lumière » ukucken, mee och un engem vun den Atelieren « K'Âges – je me libère » deelhuelen.**

### Entre Ombre et Lumière

An den Annexe vum Schlass zu Buerglënster presentéieren dräi Fotografen hier Wierker. Et handelt sech dobäi em de Christian Kieffer, den Daniel Fragoso (Black Magic Tea) an de Kolumbianer Luis Carlos Ayala.

Dobäi handelt et sech em Schwaarz/Wäiss-Fotografien, déi de Kënschtlerkollektiv esou beschreift : « Du Luxembourg à la Colombie en passant par le monde, l'art photographique est exposé à Bourglinster jusqu'au 17 juillet 2021. »

Des Ausstellung kënnt Dir also bis de 17. Juli all Mëttwoch a Freideg tëschent 14 an 19 Auer esou wéi e Sonndeg, de 4. Juli tëschent 14 an 18 Auer besichen.

D'Fotografe Christian Kieffer an Daniel Fragoso wäerten Iech op der Platz iwwert hier Approche, d'Geschichten an Anekdote ronderëm hier Fotografien opklären.

*Annexes du Château de Bourglinster*
*8, rue du Château*
*L-6162 Bourglinster*

### K'Âges – je me libère

Heibäi handelt et sech em Theaterateliere fir all Alter, déi an den Annexe vum Schlass zu Buerglënster stattfanne – an dat all Mount! Dës Atelieren adresséieren sech un all d'Familljen an all d'Kanner, an et kann een als Eenzelpersoun oder am Grupp deelhuelen.

D'Ateliere « K'Âges – je me libère » sinn eng spilleresch Therapie duerch Theater, d'Laachen, d'Emotioun an d'Expressioun.

De Regisseur Saïf Eddine Settif vum Kënschtlerkollektiv adresséiert dobäi d'Wuelbefannen duerch: Emotionaalt Gläichgewiicht (post Confinement), de kierperlechen an theatraleschen Ausdrock, d'Improvisatioun, d'Dictioun an d'Schauspill esou wéi d'Entspanung an d'Ootmung.

Een esou en Atelier dauert 3 Stonnen. D'Daten vum Mount Juli ginn op de sozialen Netzwierker vu K+A matgedeelt. Fir méi Infoe kënnt Dir Iech op der Mailadress kabourglinster@gmail.com mellen.



KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

## Der Schottergarten, ein fragwürdiger Trend?



**Wer möchte nicht einen pflegeleichten Garten haben? Auf den ersten Blick ist ein Schottergarten eine verführerische Idee, ist sie aber auch wirklich gut?**

Der Schottergarten lockt mit seiner angeblichen Pflegeleichtigkeit. Gewünscht sind: gärtnerische Kenntnisse nicht notwendig, kein Kraut zupfen, kein Rasenmähen - dadurch Einsparung von Zeit und Geld für die Pflege. Der Mutterboden wird entfernt, und ein Geotextilvlies oder gar eine wasserundurchlässige Plastikplane ausgelegt, mit Schotter bedeckt, ein paar Löcher hineingeschnitten und spärlich bepflanzt mit immergrünen, nicht blühenden Exoten, die – so wird gehofft – auch langfristig auf diesem extremen Standort durchhalten.

Doch leider ist das **Versprechen der Pflegeleichtigkeit nicht zu halten**. Wird nicht jedes Laub konsequent abgesammelt, bildet sich Humus. Nach wenigen Jahren säen sich erste Wildkräuter durch anfliegende Samen an. Löwenzahn und andere robuste Pflanzen stellen sich ein, dringen mit ihrer starken Wurzel durch das Geotextil und sind kaum zu entfernen. Schlussendlich wird auf umwelt- und gesundheitsschädliche und sowieso verbotene Unkrautvernichter zurückgegriffen …. Je nach Stein und Lage des Gartens kann sich der Schotter durch Algenbewuchs grünlich verfärben, Staub lagert sich an und stört die ursprünglich gewollte Ästhetik.

Dann wird es schwierig – die einschlägigen Tipps gehen von „Fläche mit dem Hochdruckreiniger säubern“ bis zu „Steine aufnehmen und im Betonmischer waschen“, über die Verwendung der wundersamsten Chemikalien – was nach Gesetz verboten ist! *So einfach ist der Unterhalt einer solchen Fläche also doch nicht?*

Angesichts des **Insektensterbens** ist der Schottergarten ein fragwürdiger Trend: die Fläche ist biologisch quasi tot, die unbewachsenen Steine werden im Sommer stark erhitzt, sodass Insekten, die sich hierher verirren und nicht fix genug durchstarten können, schnell den Hitzetod sterben. Die heißen Flächen tragen zum **Aufheizen der Umgebung** bei, sodass auch für den Menschen der Aufenthalt hier unangenehm wird. Nächtliche Abkühlung im Sommer? Fehlanzeige …

Dabei macht ein korrekt angelegter **naturnaher und dicht bepflanzter Garten** sogar weniger Arbeit. Unkraut kommt kaum auf, da die Fläche bedeckt ist und sich im Gleichgewicht befindet. Heimische Pflanzen sind nicht so anfällig für Insektenfraß oder Wetterkapriolen und brauchen weniger Pflege als fremde. Eine naturnahe Fläche bietet Lebensraum für Schmetterlinge, Bienen, Hummeln, Vögel und Nützlinge, regt zur Beobachtung an und lädt die Hausbewohner zum Aufenthalt im angenehmen Umfeld ein.

Der Schottergarten ist nicht zu verwechseln mit **natürlichen Kiesflächen** und **naturnah bepflanzten Steingärten**. Denn diese sind ein **perfekter Lebensraum** für eine reiche, an diese mageren Standorte angepasste Flora und Fauna. Die Naturstandorte sind geprägt durch geringe Niederschläge und eine sonnige Lage sowie durchlässige, nährstoffarme Böden: die perfekte Antwort auf immer heißere und trockenere Sommer. Kompetent geplant und richtig angelegt sind sie **wirklich pflegeleicht**!

*Lassen Sie sich inspirieren, die Initiativen sind vielfältig – z.B. hier: http://www.ounipestiziden.lu/mein-naturnaher-garten.html*



# Verschiddenes

## Biergerpräis fir d'Scouten

Eng besonnesch Auszeechnung fir d'Lëtzebuerger Scouten: Fir hiren Asaz fir déi vulnerabel Matbierger wärend der Pandemie huet den Daachverband Scouting in Luxembourg (SiL) vum Europaparlament den europäesche Biergerpräis 2020 kritt.

Och de Grupp Saint Martin vu Jonglënster huet sech un dëser Aktioun bedeelegt, déi ënnert dem Motto #AllDagEngBA stoung. D'Scoute sinn d'Akafslëscht bei d'Leit siche gaangen an hunn d'Kommissioune fir déi eeler a vulnerabel Matbierger erleedegt. Eng siwe Mol d'Woch sinn d'Scoute vum Grupp Saint Martin esou ënnerwee gewiescht.

Och déi kleng Scouten, d'Wëllefcher, haten sech doru bedeelegt. Esou hunn si Fantasiebiller mat enger léiwer Noriicht gemoolt, déi bei d'Akeef dobäi geluecht goufen. D'Aktioun #AllDagEngBA war en virbildlechen Akt vu Solidaritéit a schwéieren Zäiten.

De Schäfferot vun der Gemeng Jonglënster seet dem Grupp Saint Martin villmools Merci fir säin Asaz, awer och all deenen anere Leit, déi sech fir eis vulnerabel Matbierger agesat hunn!







## Eréffnung vun der Lënster Plage

Beach Vibes zu Jonglënster: De 7. Juni gouf beim Centre Polyvalent Gaston Stein d'Ouverture vun der Lënster Plage gefeiert.


Um Sand an tëschent Palme kann een op der Lënster Plage eppes drénken, awer och vun engem grousse Menü profitéieren. De Buergermeeschter Romain Reitz, de Schäffe Ben Ries an och Membere vum Gemengerot waren invitéiert an hunn sech dat neit Konzept ugekuckt.





# Eltereschoul online

*Eltereschoul Osten*
*Contact: eltereschoul-est@kannerschlass.lu*



## ElterеSchoul Dobaussen

**Chers parents,**
L'éducation des enfants est un vrai défi. En général, vous, les mamans et les papas, arrivez à bien régler la vie en famille et à gérer les petits « pépins». Vous êtes très créatifs et actifs pour trouver des solutions aux problèmes qui se posent au quotidien : fixer des règles claires, gérer les situations difficiles, garder la patience et l'humour, …
Par contre, vous pouvez parfois rencontrer des situations qui vous mettent devant de nouveaux défis, où il faut trouver d'autres solutions et chemins.

A cet effet, une **collaboratrice de l'Ecole des Parents est à votre écoute à l'AIRE DE JEUX. Elle est facilement reconnaissable grâce à sa veste jaune.**



**JUNGLINSTER – Loupescht**
**rue du village**
**BOURGLINSTER – Am Duerf**
**rue d'Altlinster/r. de l'école**

Pendant que votre enfant s'amuse, vous pouvez profiter de cette occasion pour lui poser vos questions autour de l'éducation et pour échanger des points de vue et expériences. Indépendamment de vos questions, notre collaboratrice prépare à chaque fois un petit thème spécifique.

Intéressés ? Nous sommes ravis de pouvoir vous rencontrer une fois par mois en fonction de la météo.
Pour les dates, veuillez consulter
https://www.kannerschlass.lu/fr/nos-services/eltereschoul/offre/eltereschoul-dobaussen.

L'Equipe de l'Ecole des Parents







www.kannerschlass.lu

# Potercafé


GEMENG JONGLËNSTER
commission consultative communale d'intégration
CAFÉ DES LANGUES
POTERCAFÉ
Mir freeën eis, Iech erëm ze gesinn! Mir potere mat Iech de Samschdes,
31. Juli 2021 vun 11 bis 12 Auer op der Terrass vum Lënster Bistro.
Mellt Iech w.e.gl. per Mail bis den 23. Juli un:
integration@junglinster.lu
Nous vous invitons à bavarder avec nous le samedi,
31 juillet 2021 de 11h00 à 12h00 sur la terrasse du Lënster Bistro.
Veuillez-vous inscrire par email jusqu'au 23 juillet :
integration@junglinster.lu
Lëtzebuergesch, Deutsch, Français, English, Italiano, Español
Lets talk english!
Tem vontade de falar português?
Envie de pratiquer le français?
Loscht, lëtzebuergesch ze schwätzen?
Desideri parlare l'italiano?
Ochotę po polsku mówić?!
Sprechen wir deutsch?
Organisé par la commission de l'intégration de la commune de Junglinster.
Renseignements supplémentaires : Fabienne Pirsch - Tél.: 78 72 72 29

# Klima-Bündnis



# Blummeconcours

Syndicat d'Initiative
de la Commune de Junglinster A.s.b.l.

## INFO

Heimat informéiere mer Iech, dass am Juli an August de Syndicat d'Initiative Fotoen vun de Blummen bei den Haiser fir de Blummeconcours « Villages fleuris » mécht.

Par la présente nous vous informons que pendant les mois de juillet et août, le Syndicat d'Initiative de la Commune de Junglinster fait des photos des fleurs près des maisons de notre commune en vue de l'organisation du concours « Villages fleuris ».

Hiermit teilen wir Ihnen mit, dass hinsichtlich des Blumenwettbewerbs « Villages fleuris », Mitglieder unseres Verkehrsvereins in den Monaten Juli und  August Fotos der Blumen bei den Häusern in den Dörfern unserer Gemeinde machen werden.



# Entreprisen aus der Gemeng



## AMX Future Solutions

### Une entreprise de drones, basée à Gonderange - fiabilité et satisfaction pour chaque client.

En proposant la location et les formations, AMX propose un paquet de services complet à côté de vente ses drones utilisables en secteurs privés et professionnels.

Avec une multitude des champs d'application pour les drones professionnels, AMX Future Solutions est honoré de vous présenter ses domaines d'activité en sécurité, construction, cinématographie, immobilier et beaucoup d'autres!

Vous vous demandez, comment appliquer nos drones à l'avantage de votre entreprise?
Contactez-nous pour un rendez-vous et laissez nos experts vous consulter pour répondre aux besoins spécifiques de votre entreprise, avec des solutions adaptées pour vous.

**17 Route de Luxembourg,**
**6182 Gonderange**
**Tél: 26 78 08 35**
**https://amx-fs.com**

# Initiativ Liewensufank

INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

## NOS OFFRES À ROODT-SYRE

**WWW.LIEWENSUFANK.LU**

### HYPNOBIRTHING®

„Créer un environnement paisible déjà dans le ventre. Respiration et relaxation - un départ serein pour le nouveau-né.
Un choix personnel pour un accouchement en douceur."




Une multitude d'événements dans l'évolution de l'humanité ont amené les femmes à avoir peur de souffrances pendant la naissance de leur enfant. Si on a peur, **on bloque incosciemment notre musculation, ce qui ne fait pas avancer le travail, bien au contraire, ceci crée les douleurs si redoutées. Les bébés réagissent mal, ce qui déclenche alors toute un**e série d'interventions médicales.

L'HypnoBirthing® permet à la mère et à son partenaire d'apprendre des exercices et des techniques de respiration et de relaxation profonde qui favorisent un accouchement plus facile, plus doux et souvent même sans douleur. En plus, le cours transmet beaucoup de savoir autour de la grossesse et de l'accouchement, qui est alors un événement non seulement désiré mais également joyeux et heureux. **Les pères ont un rôle actif pendant l'accouchement en soutenant leur femme. En effet, ils reçoivent un enseignement sur le déroulement de l'accouchement et peuvent activement y participer.**

### INFOS SUR LE COURS

**Cible :** parents en attente d'un bébé

**Détail :** il est recommandé de commencer le cours entre la 22e et 30e semaine de grossesse

**Durée :** +-2,5-3 heures (5 rencontres)

**Adresse :** 20, rte de Luxembourg
L-6910 Roodt-Syre
Salle numéro 2
Ancienne bibliothèque

**Plus d'infos et enregistrement :**
www.liewensufank.lu

**Initiativ Liewensufank** • 20 rue de Contern, Itzig • T.: (+352) 36 05 97 (8:00-12:00) • info@liewensufank.lu • www.liewensufank.lu

# Déchets & recyclage

| JUILLET: DÉCHETS MÉNAGERS |
|---|
| Mardi 6 |
| Mardi 13 |
| Mardi 20 |
| Mardi 27 |

| JUILLET: POUBELLE BIO |
|---|
| Jeudi 1 |
| Jeudi 8 |
| Jeudi 15 |
| Jeudi 22 |
| Jeudi 29 |

| JUILLET: VALORLUX |
|---|
| Vendredi 9 |
| Vendredi 23 |

| JUILLET: PAPIER + VERRE |
|---|
| Lundi 5 |
| Lundi 19 |



| AOUT: DÉCHETS MÉNAGERS |
|---|
| Mardi 3 |
| Mardi 10 |
| Mardi 17 |
| Mardi 24 |
| Mardi 31 |

| AOUT: POUBELLE BIO |
|---|
| Jeudi 5 |
| Jeudi 12 |
| Jeudi 19 |
| Jeudi 26 |

| AOUT: VALORLUX |
|---|
| Vendredi 6 |
| Vendredi 20 |

| AOUT: PAPIER + VERRE |
|---|
| Lundi 2 |
| Lundi 16 |
| Lundi 30 |

GEMENG
JONGLËNSTER